# Motioun:

# ‘’ barrierefräi a vëlosfrëndlech Gemeng ‘’

- **Wëssend** datt eis Gemeng d’“Charte européenne de l’égalité des femmes et des hommes dans la vie locale“ ënnerzeechent huet ;

- **Vu** d’“Charte de la diversité Lëtzebuerg“, déi eis Gemeng ënnerschriwwen huet ;

- **Vu** d’Schäfferotserklärung déi versprécht, “die Barrierefreiheit und das “Design for all“- Konzept in allen Bereichen einfließen (zu) lassen“ ;

- **Betruechtend** de Mobilitéitsplang 2030 an datt d’Gemeng Suessem sech als Vëlosgemeng wëll duerstellen ;

- **Betruechtend** d’Organisatioun vum Kulturjoer 2022 ;

- **Betruechtend** de geplangte Bau vum Gîte touristique nieft der Gare Belval- Rédange ;

- **Betruechend**, datt de wichtegen Iwwergang iwwert d’Bunn vun der Parkplaz beim Bieleser Kierfecht an d’rue de France vill genotzt gëtt

    - vun de Schoulkanner oder de Kanner aus der Maison Relais als séchere Schoulwee fir an d’Schoul Bieles-Post an zeréck ,
    - vu Foussgänger aus der rue de France fir an de Bieleser Quartier ëm d’Schoul resp. ëmgekéiert ,
    - als Méiglechkeet de Parking ze gebrauche bei Manifestatiounen am Haus Gadder, fir Besicher vum lokale Geschichtsmusée oder an Zukunft fir Visiteure vumm MATHIKO ;

- **Wëssend**, datt dës Bréck ganz praktesch a wäertvoll am Kader vun der doucer Mobilitéit ass, awer leider fir Leit mat kierperlechen Aschränkungen, déi z.B. op e Rollstull oder Rollator ugewise sinn, an och fir Leit mat Kannerkutsch **net** notzbar ass;

- **Betruechtend** déi wuessend Wichtegkeet vum Zucharrêt Belval-Rédange fir vill aktuell Notzer awer och fir zukünfteg Notzer vun der Bunn am Kader vum Kulturjoer;

- **Betruechtend**, datt den ënnerierdesche Passage ënnert d’Schinne beim Arrêt Belval-Rédange als séchere Fouss- a Vëloswee vun der Fraëcité iwwert de Wee laanscht Bunn an de Kierfecht bis an de Quartier Schoul Bieles-Post vu ville Schoulkanner an Erwuessener genotzt gëtt ;

- **Betruechtend**, datt dëse Wee ënnert d’Bunn leider net barrierefräi ass an esou fir Leit mat kierperlechen Aschränkungen, Leit mat Kannerkutsch oder och Vëlosfuerer schwéier ze bewältegen ass;

**Invitéiert** de Gemengerot de Schäfferot:

1. fir vun engem Bureau d'études ënnersichen ze loossen awéiwäit et technesch méiglech ass

    a. op der Säit zum Kierfecht entweder eng laang Ramp längs der Bunn iwwert de Parking ze bauen oder
    b. e Lift ze installéieren ,

    dee Leit mat kierperlechen Aschränkungen oder mat enger Kannerkutsch vum Niveau Parkplaz op de Niveau vum Iwwergang kéint beförderen ;

2. vun dësem Bureau studéieren ze loossen, awéiwäit et technesch machbar ass, den Iwwergang vun der Bréck an d'rue de France mat enger Ramp esou ze gestalten, datt et méiglech ass fir Leit mat kierperlechen Aschränkungen oder mat Kannerkutsch, ouni Problem an ënnert Respekt vun de Virschrëften, de Niveausënnerscheed ze packen;

3. a vun dësem Bureau en Devis ausschaffen ze loossen, wat esou Aarbechte géife kaschten an ob een do verschidde Subside vu staatlecher Säit kéint an Usproch huelen ;

4. am Gemengerot uschléissend eng Diskussioun ze féieren iwwert esou e Projet, hire Notzen an hire Präis ;

5. dee Projet gegebenefalls am Budget fir d'Joer 2022 virzegesinn ;

6. bei der CFL ze intervenéieren fir ze klären, awéiwäit et méiglech ass, den ënnerierdeche Passage bei der Gare Belval-Rédange mat Hëllef vun enger Ramp barrierefräi ze gestalten an esou och fir Leit mat kierperlechen Aschränkungen resp. fir Leit mat Kutsch oder och fir Vëlosfuerer besser notzbar ze maachen .



fir déi gréng Suessem,

Éilereng, de 27. Abrëll 2021

Chantal FABER-HUBERTY
Gemengeréitin

Alain CORNÉLY
Gemengerot